FEDERATION LUXEMBOURGEOISE DE VOLLEYBALL

Règlement du tournoi

Artikel 1 :

Et gëtt 6 géint 6 gespillt, ouni Libero.

Artikel 2 :

D'Héicht vum Filet ass op "Loisir/Mixte"-Héicht, also 2,35 m.

Artikel 3 :

De Service däerf net geblockt ginn.

Artikel 4 :

Jiddereen spillt géint jiddereen. Et gëtt op 2 Terrainen gespillt.

Artikel 5 :

Et ginn 2 Sätz bis 25 gespillt, de Saz ass gewonne wann 2 Punkten Ënnerscheed sinn.

No all Spill maache mer eng Paus vun +/- 10 Minutten.

All Équipe huet 1 Temps-Mort vun 30'' pro Saz ze gutt.

Artikel 6 :

Et kann illimitéiert gewiesselt ginn, awer just um Service, d.h. de Spiller deen op de Service kennt, geet eraus an en Ersatz Spiller kennt eran.

Falls awer een duerch Verletzung ersat muss ginn, kann dat zu all Moment gemaach ginn. De verletzte Spiller ass dann allerdéngs fir de lafende Saz eraus."

Artikel 7 :

No der 3. Serie Matcher spille mer nach d'Matcher um Plaz 1 an Plaz 3 (aus der Virronn den 1. géingt den 2. an den 3. géingt den 4.).

(fin du document)